

**Arlon.** Le palais de Justice vu du Kiosque

Témoin de l'authenticité culturelle de l'Arelerland,
ce calendrier allie l'humour à la sagesse populaire, faisant fleurir chaque jour un proverbe, un dicton
ou une expression en langue luxembourgeoise.
Cette sélection présentée pour l'an 2000 par Simone Clesse se rapporte particulièrement à la vie quotidienne
et aux rapports humains.
Les reproductions de cartes anciennes illustrent le riche patrimoine architectural urbain et rural.
(Cartes anciennes : collection Gaby Thommes)

# *Volleks Kalenner fir d'Schaltjoer 2000*


Ce calendrier a été réalisé et édité par
**ARELERLAND A SPROOCH**
association culturelle pour la défense de la langue
et de la culture luxembourgeoise.

ARELERLAND

PAYS D'ARLON

Photo de couverture : AREL – ARLON :
D'Geriicht vum Musikskiosk gesinn
(oblitéré en 1909)
Le Palais de Justice construit en 1864-1866, vu du kiosque

Ee Fändel fir d'Arelerland - Un drapeau pour l'Arelerland




MAARTEL – MARTELANGE : Emgéigend – d'Mille vu Bungeref (gestempelt an 1929) Environs – Moulin de Bigonville

AREELER LAND A SPROOCH

**2000**

SPAASSEN A LAACHEN : LEIERJONG

Meeschter : Hei,kuck emol dass deen Dill op d'Lach passt.
Ellespill : Wéi gesot, esou gemeet, Meeschter!... Awer elo as den Dill op den zwee Enner ze kuurz an ech hun en nëmmen op engem ofgeschnidden !

METEOSREKORDEN

- - 30,1 °C zu Rochefort den 2. Januar 1940
- 47 Deeg gefruer vum 16. Januar 1942 un.
- Vitesse vum Stuurm den 25. Januar 1990: 168 km/h
- Grouss Iwerschwemmungen vum 2. Dezember 1994 bis den 11. Januar 1995

EPHEMERIDEN

Total Moundfinsternes, den 21. Januar um 4 Auer 44 - 00 Léiw 26.

# JANUAR - HAARTMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Samschdeg | 1 | Elei an elo, d'neit Jor as do | NEIJOOSCHDAG |
| **SONNDEG** | **2** | Däif en ëm, an nenn e Filu | DRÄIKINNEKSSONNDEG |
| Méindeg | 3 | Elo geet et lass, wéi an der Kiirch, du hun déi Al virgesong | Genowewa |
| Daaschteg | 4 | Ëm Gottesbiddeswëllen ! Hal op mat sangen, d'Mëllech as ëm | Odilon |
| Mëttwoch | 5 | Et as esou kläasper, de Wand bléis et ëm | Eduard |
| Donneschteg | 6 | En dréit sech nach am Graf ëm ! | DRÄIKINNEKSDAG – 18 A.15 |
| Freideg | 7 | Et as bal ëmgefall vun elauter Middegkeet | Raymond |
| Samschdeg | 8 | Besser zweemol ëmfrot wéi eemol emsoss geklot | Lucien |
| **SONNDEG** | **9** | Den aarme Wuurem, ech kënnt en ëmnéitsen | JESUSDEEFONG |
| Méindeg | 10 | Emgekéiert as och gefuer ! | Guillaume |
| Daaschteg | 11 | D'Wourecht ëmdréien as ëmschreiwe fir léien | Paulinus |
| Mëttwoch | 12 | Besser de Kiirchtur tréil ëm wéi datt eng Drépps laanscht géing | Tatiana |
| Donneschteg | 13 | Et as emol nët derwäert dass een dervu schwätzt | Yvette |
| Freideg | 14 | Schlo d'Säit ëm ! Et as den Ufank vum Enn | Nina – 13 A. 35 |
| Samschdeg | 15 | Op der Strooss en Engel, doheem en Däiwel ! | Remi |
| **SONNDEG** | **16** | Nom Engel-des-Hären sprangen déi Hären op d'Mëttegzopp | Marsëll |
| Méindeg | 17 | Wou keen Ufank as, do as och keen Enn | Roseline |
| Daaschteg | 18 | En huet en an d'ënnescht Hell verwënscht | Prisca |
| Mëttwoch | 19 | All Broutdag eppes Jonges do, wéi kommen ech deem no ? | Marius |
| Donneschteg | 20 | Wat as dat en erkaalte Fräsch ! | BASCHTIANISDAG |
| Freideg | 21 | Besser e Lidderege wéi e Luesen ! | Agnes- 04 A.42 |
| Samschdeg | 22 | Vun engem decke Stéck Brout as nach keen erhéngert | Vincent |
| **SONNDEG** | **23** | Hues du d'Ärem mat wäisse Kéis erlängt ? | Barnard |
| Méindeg | 24 | Am Brantewäin sin der scho méi ersoff wéi am Waasser ! | Franz |
| Daaschteg | 25 | Et as jo fir d'Séil am Leif zerkalen ! | PAULUSBEKEIERONG |
| Mëttwoch | 26 | Dat geet vir eran an hannen eraus ! | Timotéi |
| Donneschteg | 27 | De Klenge wiisst aus all senge Kleeder eraus. | Angela |
| Freideg | 28 | Eraus mat der Faarf ! | Thomas d'Aquin – 07 A. 58 |
| Samschdeg | 29 | Mir kënne nach allerhand erliéwen wa mer der jéngster Dag gesinn | Gildas |
| **SONNDEG** | **30** | FESTSTELLUNG /Wann der d'Leit nët schmeechelt a mat Liggen éizt(fiddert). | Martine |
| Méindeg | 31 | Dann hënnert der beim Feier a wann der am Haaschtbam séitzt ! | Mutien-Marie |




ATTEM – ATHUS : D'Groussgaass an d'Buttéker
(géint 1920) La grand'rue et les magasins

2000

SPAASSEN A LAACHEN : AM LEED.

Ellespill : -Esou eppes liéft nit méi, sot hien zur Fra déi gekrasch huet bäim Hénkel.
Fra : - Ma jo, äntwert si, an d'Haus verléiert och näischt ! Du huet se d'Kannerschong aus dem Zoppdëppe gefëscht.

METEOSREKORDEN.
- D'Polderen an Holland iwerschwammt an 1953
- \- 25,2°C den 1-02-1956.
- 120 cm Schnéi an den Ardennen den 10-02-1902
- 155 Stonne Sonn an 1975.

EPHEMERIDEN.
Deelweis Sonnefinsternes de 05. Februar um 12 A. 49,-16 Waassermann O2.

# FEBRUAR - SPIIRKEL

## KAZEMOUNT - SCHNÉIMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Daaschteg | 1 | Si hu se aus allen Himmelsgéigenden erbäigetrommt ! | Brigitta |
| Mëttwoch | 2 | Eng gutt Heirot brengt alles erëm | FUESENT-LIICHTMESDAG |
| Donneschteg | 3 | Gin as gin, an erëm geholl as gestuel ! | BLASIUSDAG |
| Freideg | 4 | Et geet alles eriwwer (erlaanscht). | Veronika |
| Samschdeg | 5 | Onkraut kënnt ëmmer erëm ! | Agätt – 13 A. 04 |
| **SONNDEG** | **6** | Erop mam Stopp, klapp op ! ...an erziel et ! | Dora |
| Méindeg | 7 | D'Kanner kommen erop an d'Eltere gin erof ! | Richard |
| Daaschteg | 8 | Bleif mer vir vun de Meedercher an hanne vun de Päerd ewech ! | Jherom |
| Mëttwoch | 9 | Et as seng Mamm ewéi duer gespaut | Appelin |
| Donneschteg | 10 | Et as een ewéi dohirgerëselt an erëm opgeriicht | Arnaud |
| Freideg | 11 | Wat eriwer as, as eriwer ! | LEIFFRA VU LOURDES |
| Samschdeg | 12 | Dat as e Kand ewéi e Bild ! | Dommes – 23 A. 22 |
| **SONNDEG** | **13** | Dee laacht mam ganze Gesiicht a mat der Nues extra ! | Béate |
| Méindeg | 14 | En huet eng Faarf wéi Mëllech a Blutt | Valentin |
| Daaschteg | 15 | Se hun en zerschloen datt een all Faarwe vum Reebouw op em gesäit | Claude |
| Mëttwoch | 16 | Bal as nach keng Maus an der Fal | Julienne |
| Donneschteg | 17 | Mat Falen léieren d'Kanner goen | Alexis |
| Freideg | 18 | Et huet sech e Vateronser laang beduecht | Bernadette |
| Samschdeg | 19 | Dee fält jo iwer seng eege Féiss ! | Gabin – 16 A.28 |
| **SONNDEG** | **20** | Wat war dat eng Himmelfaart | Aimé |
| Méindeg | 21 | Et as esou falsch ewéi Galgenholz ! | Pater Damien |
| Daaschteg | 22 | E läit ëmmer dobaussen a wann Heegafelen an al Fraen déite falen | Isabelle |
| Mëttwoch | 23 | Mir si, vun Uedem an Eiv eraus, Famill mateneen | Lazare |
| Donneschteg | 24 | Gët en him de Fanger, hätt e gären d'ganz Hand | Modeste |
| Freideg | **25** | Hatt huet een un all Fanger hänken | Roméo |
| Samschdeg | 26 | Besser e Fanger laang gehandelt wéi en Aarm laang geschafft | Nestor |
| **SONNDEG** | 27 | Huel deng hënnescht Been erno ! | Honorine – 03 A. 55 |
| Méindeg | 28 | SPAASSEG : Vater onser Schëppestill, onsen Hond frësst ze vill | Romain |
| Daaschteg | 29 | Mengt een en hätt genuch, da frësst en nach e ganze Kuch ! | Auguste |




ATERT – ATTERT : D'Klouschter vun de Pateren
(géint 1920) Couvent des Pères Rédemptoristes

2000

SPAASSEN A LAACHEN : NEIES.

Ellespill : - Wéi as et dann haut ?
Frënd : - Ma esu an esu (=esou)
Ellespill : - Dat si jo zwéi Su !
Frënd : - So, a wat mécht dann däi Noper ?
Ellespill : - E fänkt Mécken an en as esou faul e mag sech emol nët krazen wou et e bäisst.

METEOSREKORDEN.

- Temperaturerekord den 17/04/1946 + 28,7 Grad.
- An 1992 goufe 7 Deeg Schnéi.
- -19,6°C den 08/03/1971 zu Rochefort
- E Stuurm huet vill Schued den 01/03/1990 gemeet

# MÄERZ - LENZMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Mëttwoch | 1 | Dee mécht aus engem Fascht ee Fuerz ! | Aubin |
| Donneschteg | 2 | E lieft wéi Gott der Vater a Frankräich. | Scharëll |
| Freideg | 3 | Bäi faulen Äppel as nit vill Wiel ! | Gwénolé |
| Samschdeg | 4 | Ech hu mer d'Fääscht voll gelaacht | Kasimir |
| **SONNDEG** | **5** | Haut iesse mir eppes Klenges op der Fauscht. | Olive |
| Méindeg | 6 | Maach d'Fauscht léiwer an der Täsch. | Colette – 05 A.18 |
| Daaschteg | 7 | Ier s de fäerdeg bas sin d'Fräschen zu Metz ! | FUESDAASCHTEG |
| Mëttwoch | 8 | Gefaascht as nit gespuert. | ÄSCHEMËTTWOCH - FAASCHTEN |
| Donneschteg | 9 | An der Kränkt as d'Faaschten de beschten Dokter. | Franziska |
| Freideg | 10 | Vum faaschten krepéieren d'Honn. | Vivien |
| Samschdeg | 11 | E Jong wéi eng Fauscht meeschtert e Meedche wéi en Hauscht. | Rosine |
| **SONNDEG** | **12** | De Bouf fäert sech den Aasch aus der Box. | OUNESONNDEG - Justine |
| Méindeg | 13 | Du fäers däin eegene Schiet ! | Rodrigue – 07 A.00 |
| Daaschteg | 14 | Dee knetzelt sech eng Fäsch, deen ale Soff ! | Mathilde |
| Mëttwoch | 15 | Wann ee Vulle fänke wëllt, muss ee nit mat Klëppelen draschloen. | Luis |
| Donneschteg | 16 | Wien an der Feel as entschëllegt sech ! | Benedicte |
| Freideg | 17 | De Mënsch as kee Véi !An d'Véi muss säi Geschéck hu wéi de Mënsch | Patrice |
| Samschdeg | 18 | Wann d'Feier am Stréi as as kee Läsches méi. | Cyrille |
| **SONNDEG** | **19** | Et as nit all Dag e Feierdag. | BOUNESONNDEG – JOUSEFSDAG |
| Méindeg | 20 | Mat gefaangen, mat gehaangen ! | FREIJOR – Herbert – 04 A. 45 |
| Daaschteg | 21 | Wou kee Feier as, do as och keng Flam ! | Clémence |
| Mëttwoch | 22 | Wäit vum Feier kann al gin den Zaldot ! | Léa |
| Donneschteg | 23 | En as ëmmer gläich Feier a Flam. | Victorien |
| Freideg | 24 | Bei engem gesonten Appetit huet de Mo Feierdag | Catherine |
| Samschdeg | 25 | Besser geleiert wéi gefeiert (op der Aarbecht). | MARIA – VERKËNNEGUNG |
| **SONNDEG** | **26** | D'Fra féiert de Rudder am Haus. | KROUNESONNDEG – Larissa |
| Méindeg | 27 | En huet mech bäi (hannert) d'Liicht geféiert ! | Habib |
| Daaschteg | 28 | Dee mam Feier ëmgeet verbrennt sech. | Gontran – 00 A. 22 |
| Mëttwoch | 29 | En huet d'Leieféiwer an d'Friëssekränkt ! | Gladys |
| Donneschteg | 30 | VOLLEKSWITZEN : - As dee Stull fälleg, Joffer ? - Jo, an ech och | Amédée |
| Freideg | 31 | - Dir gitt honnert Jor al, sot den Dokter. | |
| | | - Wann der Doud nit esou vergësselech wir, sot d'Giedel | Benjamin. |




ARELER LAND A SPROOCH

**2000**

SPAASSEN A LAACH UM BAUERENHAFF.

Bauer : - Weess de mäi Jong, wou et dämpt as Feier.
Ellespill : - Awer nët ëmmer hannert der Heck !
Bauer : - Djee, sief weis a kuck emol deen do…Fréier as e véierspänneg gefuer
Ellespill : - An haut huet e nëmme méi een Iesel, an dat as hie selwer !
Bauer : - Hal op mat dengen Ieselzegkeeten !

METEOSREKORDEN
• Temperaturrekord den 17/04/1946 + 28,7°C.
• An 1992 goufen 7 Deeg mat Schnéi.

EIBENG – AUBANGE : D'Schlass vum Clémarais (geschriwwen an 1916) Château de Clémarais

# ABRELL - GECKSMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Samschdeg | 1 | Roude Léif bewaach däi Feld ! | Hugues |
| **SONNDEG** | **2** | Du léis nach d'Feldhenger stoen ! | HALLEFFAASCHTESONNDEG -Sandrine |
| Méindeg | 3 | Hie feelt néierens wou et fir näischt ze drénke gët ! | Rischar |
| Daaschteg | 4 | Do feelt keng Täppelchen um I. | Isi – 18 A.13 |
| Mëttwoch | 5 | Eng Kannerhand as bal gefëllt. | Irène |
| Donneschteg | 6 | Wann d'Stäre fénkelen da gët anert Wieder. | Marselin |
| Freideg | 7 | En as d'fënneft Rad vum Won. | Johannes |
| Samschdeg | 8 | Him as zwee an zwee fënnef. | Jhulli |
| **SONNDEG** | **9** | Dee sicht mat verbonnenen Aen ! | ELLESONNDEG - Waudru |
| Méindeg | 10 | Et as fir sech de Kapp mat Jhatten ze verbannen ! | Fulbert |
| Daaschteg | 11 | Et as aus a verbäi ! | Stanislas – 13 A. 31 |
| Mëttwoch | 12 | E bléist op der Klarinett wat Gott verbueden huet | Jhull |
| Donneschteg | 13 | E kennt kee Gott a kee Verbott ! | Ida |
| Freideg | 14 | Zweemol geplënnert as esou gutt wéi eemol verbrannt. | Ludwine |
| Samschdeg | 15 | Eng Kéier Faillite an zweemol verbrannt dann as een e gemeete Mann | Patern |
| **SONNDEG** | **16** | En as verdiirt wéi de Gréif an der Pan. | PÄLLEMSONNDEG - Benoit |
| Méindeg | 17 | En as vergaang wéi de Schnéi an der Sonn | Patrice |
| Daaschteg | 18 | En huet krit wat hie verdéngt huet ! | Parfait – 17 A.43 |
| Mëttwoch | 19 | Et huet sech dobäi eng Kroun am Himmel verdéngt ! | Emma |
| Donneschteg | 20 | Si verdroe sech wéi Hond a Kaz | GRENGENDONNESCHDEG – Odette |
| Freideg | 21 | Besser zweemol verduerwe wéi eemol gestuerwen ! | KUERFREIDEG - Anselme |
| Samschdeg | 22 | Dat huet e Verhalt wéi e Seibecken ! | KUERSAMSCHDEG – Alexandre. |
| **SONNDEG** | **23** | Et verdréint d'Aen wéi e spillege Kueb | OUSCHTERDAG - Jhorsch |
| Méindeg | 24 | Pak zerschléit sech, Pak verdréit sech ! | OUSCHTERMEINDEG - Fidèle |
| Daaschteg | 25 | E verdéngt emol nit d'Waaser fir an d'Zopp ! | Markus |
| Mëttwoch | 26 | E schlechte Schmatt dee keen Damp verdroe Kann | Alida – 19 A.30 |
| Donneschteg | 27 | Deen éischte Verdross as besser wéi de leschten. | Zita |
| Freideg | 28 | Et huet e Verflucht bis an d'ënnescht Hell ! | Valérie |
| Samschdeg | 29 | Den Himmel deen as onser … wann dir e nët verfomfacht ! | Katherina |
| **SONNDEG** | **30** | BÄIM SCHOUSTER Schouster fléck mer meng Schong<br>Fléck mer se gutt, da kriss du en neien Hutt !<br>Fléck mer se nit ze haart, soss kriss du e Geessebaart !<br>Schlo mer Nélercher drann dass ech danze kann | Robert |




STERPENECH – STERPENICH : D'Schlass (gestempelt an 1933) Le château

AREELER LAND A SPROOCH

**2000**

SPAASSEN A LAACHEN. AM BISTRO .

Ellespill : - So,hues du nët ze déif an de Patt gekuckt ?
Frënd : Mengs de? Hei komm mir drénken eng véierspänneg Drëpp. D'Häerz as mir an d'Schong gefall !
Ellespill : - Dajee ! Du schëdds se eraus, ech drénke se, an déi zwéin aner hale mech un wann ech mech schudderen

METEOSREKORDEN.

- 3 Deeg mat 30°C an 1944.
- 4 Deeg Schnéi an 1986.
- -5°C de 5. Mee 1996.

# MEE - OKTAVSMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Méindeg | 1 | Kaf a Verkaf mécht de Maart........................................................ | Aarbechtsfest.-Jousef |
| Daaschteg | 2 | Si hun d'Haus fir en Appel an e Stéck Brout verkaaft. ................................................. | Boris |
| Mëttwoch | 3 | Dee kënnt do verklät wéi en Husiger. ........................................................ | Jhak a Flëpp |
| Donneschteg | 4 | Elo gët nach en Humpe verknetzelt ................................................... | Sylvain-14 A. 13 |
| Freideg | 5 | Ech hätt mech am léifsten an e Maislach verkroch ! ............................................ | Judith |
| Samschdeg | 6 | Wie sech verleet op d'Ierwen, dee kann vun Honger stierwen.............................. | Prudence |
| **SONNDEG** | **7** | En as gelaf datt e Schong an Huese verluer huet................................................. | Gisela |
| Méindeg | 8 | Besser den Hutt wéi de Kapp verluer................................................ | V. DAG 1945.Désiré |
| Daaschteg | 9 | D'Kächen as verléift...se huet d'Zopp versalzt ! ................................................ | Pacôme |
| Mëttwoch | 10 | Et war vu Gott an der Welt verlooss. .................................................... | Solange 22 A.02 |
| Donneschteg | 11 | Deen een verléift sech an eng Rousenheck,deen aner an e Kéidreck ! ...................... | Estelle |
| Freideg | 12 | Et verliéft ee Villes ier ee vun Alter stierft !........................................................... | Achille |
| Samschdeg | 13 | Mat Froe verméch ee näischt...awer mat Frieden ! ............................................ | Servais |
| **SONNDEG** | **14** | Wien näischt seet, vermault sech nët !......................... OKTAV ; MAMMEMDAG - | Matthias |
| Méindeg | 15 | Et huet ee sech geschwënn e Maufel vermault............................................... | Denise |
| Daaschteg | 16 | Et as gelaf wéi e verréckt Hénkel !........................................................................ | Honoré |
| Mëttwoch | 17 | E geet doruechter wéi e verschottert Schof........................................................... | Pascal |
| Donneschteg | 18 | E Béischt versäift sech nit........................................................................ | Eric – 07 A.35 |
| Freideg | 19 | En huet de Verstand mam Schaumläffel kritt..................................................... | Yw |
| Samschdeg | 20 | Déi éischt Gewënner, déi lescht Verspiller. ...................................................... | Bernardin |
| **SONNDEG** | **21** | Verspriechen as Schold a waarden as Gedold................................................ | Constantin |
| Méindeg | 22 | En huet him d'Stäre vum Himmel versprach.................................................... | Rita |
| Daaschteg | 23 | De Verstand kënnt nët ëmmer mat de Joren !................................................. | Didier |
| Mëttwoch | 24 | En huet Hab e Gutt verspillt........................................................... | N.D. du Bon Secours |
| Donneschteg | 25 | Et versteet esouvill dervu wéi e Kallef vun der Houmass......................................... | Soffi |
| Freideg | 26 | E vertseet vun Tuten a Blosen näischt................................................... | Bérenger – 11 A.56 |
| Samschdeg | 27 | Et verzielt engem d'Ouere vum Kapp.............................................................. | Augustin |
| **SONNDEG** | **28** | En as nëmmen am Verzier nët am Verdéngscht............................................ | Germain |
| Méindeg | 29 | E géng den Aasch aus der Box verléieren...wann en nët ugewues wir !...................... | Aymar |
| Daaschteg | 30 | Liicht gewonnen, liicht verziert !.............................................................. | Jeanne d'Arc |
| Mëttwoch | 31 | BÄIM WIIRT Mir versaufen onser Aler hiirt Haischen. An da späitzt kee Vull méi op den Daach ! ............... | MARIA HEIMSUCHUNG |




2000

SPAASSEN A LAACHEN : FËSCHEREI.

Ellespill : - Wees de, mat Spaut fänkt ee Mécken a mat Mécke fänkt ee Fësch.
Fëscher : - Et muss een awer e klenge Fësch an d'Waasser werfe fir een decke ze fänken !
Ellespill : - A sou geet dat ! Du huet hie mat der Wurst no der Specksäit, déi an der Haascht hung, geschoss.

METEOSREKORDEN
- 26 Deeg mat Donnerwiederen an 1916.
- 38,8°C den 27 Juni 1947.
- Iwer 30°C vum 24 Juni bis den 9.Juli 1976

MIEZEG – MESSANCY : D'paweet Arelerstroos
(gestempelt an 1934) La rue pavée vers Arlon

# JUNI - BROOCHMOUNT

| | | |
|---|---|---|
| Donneschteg | 1 | Et muss een d'Fester feiere wéi se falen. ....................................CHRISTIHIMMELFAART |
| Freideg | 2 | D'Fëscher an d'Jeër si Plätteleféier....................................Erasme - Blandine – 02 A. 15 |
| Samschdeg | 3 | Fëschschuppen an Huesenhor gët keng déck Mëschten. ..............................Scharel - Kévin |
| **SONNDEG** | **4** | Bäi deem Meedchen as d'Vesper méi laang wéi d'Houmass............................... Clothilde |
| Méindeg | 5 | Deen huet eng sonndesnomëttesnodervespesch Box un.............................................Igor |
| Daaschteg | 6 | Dat besselche Fett muss de mat dem More verquëssen.........................................Norbert |
| Mëttwoch | 7 | Vill Geschwätz a wéineg Fett gi mor Zoppen.........................................................Gilbert |
| Donneschteg | 8 | Déi fett Jore mussen déi moër mat duurchhuelen...................................................Médar |
| Freideg | 9 | Deen do as nit ferm am Still ! ..........................................................Diana – 03 A.30 |
| Samschdeg | 10 | Eng fett Käche mécht e moërt Teschtement........................................................ Landry |
| **SONNDEG** | **11** | D'Fett schwëmmt ëmmer uewen ! .........................PÄISCHDAG – PAPPENDAG - Barnabé |
| Méindeg | 12 | En as fex a fäerdeg bis op d'Schwäerzen.................................. PÄISCHMEINDEG- Guy |
| Daaschteg | 13 | Schéi Fiedere maache schéi Vullen ................SPRANGPROZESSIOUN.Antouni vu Padova |
| Mëttwoch | 14 | Et geet gutt ! Du kanns eng Plomm an d'héi Luucht blosen....................................Valère |
| Donneschteg | 15 | Deen huet säin Haus op d'Fiels gebaut...............................................................Germaine |
| Freideg | 16 | Du hues eng Schrëft wéi e Fierkel. ..................................................Lutgarde – 22 A. 28 |
| Samschdeg | 17 | E rëtscht him op de Fiéschten no !.........................................................................Hervé |
| **SONNDEG** | **18** | Et as mam lénke Fouss vir opgestan ! ...........................DRÄIFALTEGKEETSDAG-.Léonce |
| Méindeg | 19 | D'Fuercht hitt de Bësch méi wéi de Fieschter.................................................. Romuald |
| Daaschteg | 20 | Wat de Mann zur viischter Dir erabréngt, dréit hatt zur hënneschter aus.....................Silvère |
| Mëttwoch | 21 | Deen nit viischtzeg geet, geet hannerzeg !....................................... SUMMER – Rodolphe |
| Donneschteg | 22 | Et as keen Hënnescht a kee Viischt un deem ganze Gedässems !....................... Paulinus |
| Freideg | 23 | Mir hale fest...un onser Scholl ! ......................LËTZEBUERGERNATIONALFEST.- Audrey |
| Samschdeg | 24 | Deen nit héiere wëllt, dee mus fillen !..............................................Hl. Johannes Gebuurt |
| **SONNDEG** | **25** | Dee vill huet as vill gehäit. ......................FRONLÄICHNAAMSDAG Prozessioun – 01 A. 01. |
| Méindeg | 26 | Deen nit vill gesäit kann nit vill verzielen !.........................................................Anthelme |
| Daaschteg | 27 | NATIIRLECH : Wat geet vir ? – Deng eegen Haut ! ............................................Fernand. |
| Mëttwoch | 28 | Et soll een d'Wantergezei nët ausdoen bis d'Kiischte fiérwen.................................Irénée |
| Donneschteg | 29 | De Kabes muss dräimol gefett gin : ...................................................Péitrus a Paulus<br>Wann e geséint gët, an der Broch an am Däppen |
| Freideg | 30 | Wann et reent da léieren déi déck Fësch schwammen..................................Hl. Häerzjesu.<br>An déi kleng kréien och Waasser! |




HEESCHTERT – HEINSTERT : D'Donatiiskapell an D'Gare
(ëmt 1930) La chapelle Saint-Donat et la gare

ARELER LAND A SPROOCH **2000**

SPAASSEN A LAACHEN . UM MAART.

Ellespill : - Hei gët viraus bezuelt an hanneno léen d'Hénger d'Äer !
Konn : - Dat as awer fir an e Patt ze klammen !
Ellespill : -Jo ! An duurch d'Hänkel erauszekucken.

METEOSREKORDEN.
- Schnéi an den Ardennen an 1866.
- 196,5 mm Waasser am Juli 1942.
- Dréchent an Hëtzt 37 Deeg laang vum 8.Juli 1990 un.

EPHEMERIDEN.
Deelweis Sonnefensternis den 01/07/ um 19A.33 –10 Kriibs14-
Total Moundfensternis de 16/07 um 13 A.56 - 26 Steebock19-Deelweis Sonnefensternis den 31/07 um 02 A.13 –08 Léiw12.

# JULI - HEEMOUNT

| | | |
|---|---|---|
| Samschdeg | 1 | E fillt sech nët op senger Mëscht. ......Thierry – 19 A. 21. |
| **SONNDEG** | **2** | Fir eng Fläsch Brantewäi géing hie Kinnek a Glaf verkafen. ......Martinien |
| Méindeg | 3 | Wat mécht een nit fir Geld a gutt Wuurt ? ......Thomas |
| Daaschteg | 4 | Hal däi Spot fir deng Schong ze schmiéren ! ......Florent |
| Mëttwoch | 5 | Et as fir en Har op d'Stir ze kréien ! ......Touni |
| Donneschteg | 6 | Sträit am Stot as e Virgeschmaach vun der Häll...... Maria Goretti |
| Freideg | 7 | Fir ze stierwe brauch een nit vill awer fir ze liewen ...... Raoul. |
| Samschdeg | 8 | En as vir bäi an hanne widder !......Thibaut- 12 A. 54 |
| **SONNDEG** | **9** | Et as ze vill fir ze stierwen an ze mann fir ze liewen !......Amandine |
| Méindeg | 10 | Et as mer nit vir ewéi hannen ! ......Ulrich |
| Daaschteg | 11 | E mécht wéi d'Kazen déi vir lecken an hanne krazen . ......Olga |
| Mëttwoch | 12 | En huet ëmmer eppes mat meescht näischt Gutts ! ......Olivier |
| Donneschteg | 13 | D'Virbild vun der Hoffnung as en Anker. ......Hari – Joël |
| Freideg | 14 | Maach mir keen X fir en U ! ......FRANSEISCHT NATIONALFEST- Kamill |
| Samschdeg | 15 | Wa mir däfen da kriss du d'Virhand fir Pätter ......Donald |
| **SONNDEG** | **16** | Dat kënnt an de beschte Familje vir !...... Léiffra vum Karmell – 13 A. 56 |
| Méindeg | 17 | Loosse mir dat Bescht virkéieren, dat Schlecht kënnt vum selwe no......Charlotte |
| Daaschteg | 18 | Wie sech ze vill virhëlt,fält gewéinlech hannendrann......Fréderik |
| Mëttwoch | 19 | Maach kengem alen Af Grimasse vir !......Arsène |
| Donneschteg | 20 | Säi Virnumm as Schwitz a säi Familjenumm Dabo !...... Margréit |
| Freideg | 21 | Engem Blannen as liicht eppes virmolen. ......BELSCHT NATIONALFEST. ......Victor |
| Samschdeg | 22 | Mat gudde Virsätz as de Wee an d'Häll geplat...... Maria-Magdalena |
| **SONNDEG** | **23** | Virsiicht as besser ewéi Nosiicht !......Brigitta |
| Méindeg | 24 | Viru mam Jabel !...... Kriss – 11 A. 03 |
| Daaschteg | 25 | Et däerf ee kengem säin Aarmud virzestoussen. ......Jhak |
| Mëttwoch | 26 | Dat do as nët fir virunzesoen !......Ann a Joachim |
| Donneschteg | 27 | Et soll ee keen Dag virum Owend luewen !......Nathalie |
| Freideg | 28 | IRONISCH : Fir gelueft ze gin, muss ee stierwen ...... Samson |
| Samschdeg | 29 | Fir geschleeft ze gin, muss ech sech bestueden . ...... Marthe |
| **SONNDEG** | **30** | - Firwat hätt ee säi Mond ? ......Juliette |
| | | - Fir en ze halen, an nëmmen opzedoen fir ziessen. |
| Méindeg | 31 | Fir wien häls du mech ? Fir deen deens du bas !......Ignace vu Loyala – 02 A. 26 |




SEILEN – SELANGE : D'Kiirchstrooss an d'Eckhaus
(géint 1930) Rue de l'Eglise et maison du coin

**2000**

SPAASSEN A LAACHEN VIRWËTZ !

Ellespill : -Wat hues du an deem Sak do?
Fra : - Virwëtz an Äppelschnëtt !
Ellespill : - So, firwat hëlls du mech ?
Fra : - Ma fir dat wat s du bas !

METEOSREKORDEN.
- 14,1°C am Duurchschnëtt an 1912.
- 28 Deeg Reen an 1941 : D'Rekolte faulen !
- An 1947 goufen 323 Stonne Sonn.
- De 4 August 1990 : 35,3°C

# AUGUST - HUEWERMOUNT

| | | |
|---|---|---|
| Daaschteg | 1 | De Virwëtz huet nët vill Hannerwëtz ?..................SCHWÄIZER NATIONALFEST......Fons |
| Mëttwoch | 2 | Et as virwëtzeg wéi eng al Fra ! ..........Julien |
| Donneschteg | 3 | A wann och d'Firmament antréil, ech bléif bei menger Ried .......... Lydie |
| Freideg | 4 | Nuddelen ouni Fleesch,arem Krääsch !..........Jean-Marie Vianney |
| Samschdeg | 5 | Et léit ouni en An ze flanken. ..........N.D. des Neiges - Abel |
| **SONNDEG** | **6** | E kënnt do geflappt wéi eng Kou..........CHRISTISVERKLÄRUNG |
| Méindeg | 7 | Maach keng Flause wéi den Ellespill ! ..........Julienne-Gaëtan- 01 A.03 |
| Daaschteg | 8 | D'Kand koum blannemännches duurch den Dreck geflatscht ! .......... Domenék |
| Mëttwoch | 9 | Si koumen duurch Dreck a Reen geschlappt ..........Amour |
| Donneschteg | 10 | E war gefiizt wéi en Danzenochs, hatt wéi eng Popp op der Mëscht ..........Lorenz |
| Freideg | 11 | Vun alle graffe Speisen as d'Fleesch nach dat bescht Geméis..........Klara |
| Samschdeg | 12 | Elo kënne si sech de Flääschzant ausrappen a spueren. ..........Clarisse |
| **SONNDEG** | **13** | De Fläisdech huet d'Bee gebrach, de Luesen as ukomm ! ..........Hippolyte |
| Méindeg | 14 | Deen do fläisst sech fir aarm ze gin ! ..........Maximilian |
| Daaschteg | 15 | Hal op ze fleten soss gët Reen ! ..........MARIAHIMMELFAART – 05 A.14 |
| Mëttwoch | 16 | Wou nëmmen eng Fleetche geet, do muss en derbäi sin..........Roch |
| Donneschteg | 17 | En as bekannt wéi ee fleckegen Hond.......... Hyacinthe |
| Freideg | 18 | Fléi, fléi wann de Lackvull päift .......... Hélène |
| Samschdeg | 19 | E koum geschoss wéi d'Kugel aus der Flënt. ..........Jhang |
| **SONNDEG** | **20** | Dorun huet et sech d'Fliichte verbrannt.......... Bernard |
| Méindeg | 21 | De Gäächt as staark awer d'Flääsch as schwaach.......... Christophe |
| Daaschteg | 22 | Ouni Méi kritt ee Fléi ! ..........HI MARIA KINNEGIN – Fabrice – 18 A. 52 |
| Mëttwoch | 23 | Déi hongreg Fléi bäisse schaarf ! ..........Rosa vu Lima. |
| Donneschteg | 24 | En huet e Liéwe wéi en Hond ouni Fléi.......... Barthélemy |
| Freideg | 25 | Dat héiert d'Fléi néitsen an d'Mécken houschten ! ..........Louis |
| Samschdeg | 26 | En huet geflucht datt d'Luucht däischter gouf.......... Natacha |
| **SONNDEG** | **27** | Deen as voll Spott wéi en Iésel voll Fierz !.......... Monika |
| Méindeg | 28 | Voul Riéden sin enniichter Gedanken.......... Augustin |
| Daaschteg | 29 | PÄTTER A GIEDEL : - Wéi geet et da Pätter ? .......... Sabine – 10 A. 20 |
| Mëttwoch | | - Oh ! al a kal ! Wënn, Flëss a Bréch |
| Donneschteg | 30 | - A wéi geet et lech, Giedel ?......... .......... Sacha |
| | | - Ma op an af, wéi d'Fléi am Hiem |
| | 31 | KANNERLIDD : Härgottsdéierchen , fléi an den Himmel (Holland), |
| | | Däin Haische brennt, deng Scheierche flämmt, |
| | | Deng Schewercher sin op de Somen ! .......... Maria-Hëllferin |




PASS – POST : D'Schoulen an d'Schoulkanner
(géint 1930) Ecoles, écoliers et écolières

AREL LER LAND A SPROOCH

**2000**

SPAASSEN A LAACHEN : GUTT REID


Bauer : -D'Fra an d'Schubkar soll een nit ewechléinen, well et kritt ee se ëmmer gebrach erëm.
Ellespill : - Dann as nach dat gréisst Stéck dat bescht !
Bauer : - An eng Fra fir ze schaffen as wéi eng Geess fir Mëscht ze maachen.
Ellespill : - Ma firwat hutt Dir da keenTrapp ?

METEOSREKORDEN

- 33,9°C de 4. September 1929.
- Schnéi den 29/09/1954.
- 287 Stonne Sonn an 1959. Extra Lies .
- Wiirbelstuurm zu Léglise, den 20/09/1982.

# SEPTEMBER - HIERSCHTMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Freideg | 1 | Vollkommenheet as Allerweltsdugend,jidderee wëllt si hun. | Jhill |
| Samschdeg | 2 | D'Vollerter (Déi Voul)hun en extraë Schutzengel ! | Ingrid |
| **SONNDEG** | **3** | D'Deeg an d'Stonne follege sech,ma si sin ënnerschiddléch | Grégoire |
| Méindeg | 4 | Si hun alles fortgeschleeft wat nët ugewuess war ! | Rousel |
| Daaschteg | 5 | D'Aarbecht leeft nit fort ! | Raïssa – 16 A. 28 |
| Mëttwoch | 6 | En ale Fouermann léiert nach gär klaken. | Ewa |
| Donneschteg | 7 | En ale Fouermann as e gudde Weeweiser ! | Régina |
| Freideg | 8 | En as allzäit Fouss bäi Mol ! | MARIA GEBUURT |
| Samschdeg | 9 | Ech hun d'Schong voller Féiss vu Middegkeet | Omer |
| **SONNDEG** | **10** | Et huet kleng Féiss awer déi grouss Schong gin em gutt | Alain |
| Méindeg | 11 | Et kann een nit op engem Fouss stoen. | Vinciane |
| Daaschteg | 12 | Fra a Mann as ee Gespann ! | Apollinaire |
| Mëttwoch | 13 | D'Fraleit mussen ëmmer d'lescht Wuert hun ! | Aimé – 19 A. 38 |
| Donneschteg | 14 | Eng Fra ka siwwe Kanner grouss zillen, e Mann emol nit eent ! | HL KRÄIZ |
| Freideg | 15 | Wou d'Fra d'Box huet, wéckelt de Mann d'Kanner | Schmäerzhaffte Mutter |
| Samschdeg | 16 | Ongléck mat de Fraen a Gléck mat de Päerd gët e räiche Mann | Edith |
| **SONNDEG** | **17** | Gebaucht,gebak an e Maanshiem gemaacht : eng dichteg Fra ! | Renaud |
| Méindeg | 18 | Duurch d'Fraleit an den Dronk geet d'Welt zegrond ! | Ariane |
| Daaschteg | 19 | E Fraleitshor zéit méi wéi e Klackeseel ! | Emilie |
| Mëttwoch | 20 | Fraekränkten an Hondsleemde vergi geschwënn | Andreas |
| Donneschteg | 21 | Aus Sue gët Frangen ! | Mathieu – 01A.29 |
| Freideg | 22 | Elo as de Frang nëmmen zéng Su wäerd(2.Kand) | HIERSCHT .... Moriz |
| Samschdeg | 23 | Deen do liéft wéi Gott der Vater am Frankräich ! | Constant |
| **SONNDEG** | **24** | De Frascht sëtzt him an de Glidder (Rheuma) | Thècle |
| Méindeg | 25 | Dem enge säi Leed, dem anere seng Freed ! | Hermann |
| Daaschteg | 26 | LIEWENSREGELEN : Wann d'grouss Botz as, dann as Frarosendag ! | Côme |
| Mëttwoch | 27 | D'Fraleit an d'Dréppchen bréngen de Bauer ëm säi leschte Këppchen ! | Vincent – 19 A. 54 |
| Donneschteg | 28 | An engem Haus sollen nit méi Frae si wéi Bakuewenslächer well : | Wenceslas |
| Freideg | 29 | Zwou Kazen an eng Maus, zwou Fraen an engem Haus, | Michel-Gabriel-Raphaël |
| Samschdeg | 30 | Zwéin Honn an eng Schank,déi versti sech sele lank ! | Jherom |




WARECH – WARNACH : D'gewäisst Schoul laanscht dem stenge Wee (gestempelt an 1924) L'école chaulée au bord de la route empierrée

**2000**

SPAASSEN A LAACHEN : FREIEREI


Frënd : - Du geess awer freien iwerall wou eng déck Mëschtekaul as !
Ellespill : - An du wou eng Dir opsteet !
Frënd : - Awer wie freie geet sief gutt gekleet.
Ellespill : - Duefir hun ech jo de beschte Fuedem un,...aus dem Bitzkuerf vun der Mamm.

METEOSREKORDEN.

- 30 Deeg Reen an 1974.
- 5,2mm Reen an 1975
- - 7°C an 1983
- 28°C den 9. Oktober 1995

# OKTOBER - WÄIMOUNT
## GROMPEREMOUNT - REISMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| **SONNDEG** | **1** | Fräi wéi de Vull an der Loft ! | Thérèse de l'Enfant-Jésus |
| Méindeg | 2 | Besser fräi an der Friemd wéi Kniécht doheem ! | SCHUTZENGELFEST |
| Daaschteg | 3 | E kënnt wann d'Fräsche Schwänz an d'Mais Perrécke kréien | Gérard |
| Mëttwoch | 4 | Vum vill Waasser drénke kritt ee Fräschen an de Bauch | Franziskus |
| Donneschteg | 5 | Hien as d'Frechheet operstanen ! | Flora – 11 A.00 |
| Freideg | 6 | Wann s de mer Fräschenhor bréngs da kriss du dat ! | Bruno |
| Samschdeg | 7 | Fréi op a spéit nidder ! | Notre-Dame du Rosaire –Serge |
| **SONNDEG** | **8** | Vum ville schaffen freckt dat bescht Päerd. | Pélagie |
| Méindeg | 9 | Fréi op ze stoen dat mécht den Dag laang | Denis |
| Daaschteg | 10 | Et as keng Stonn em ze fréi a kee Maufel ze déck | Ghislain |
| Mëttwoch | 11 | Wie frech as wéi en Hond, dee lieft wéi en Här ! | Firmin |
| Donneschteg | 12 | Wien de Numm Fréiop huet dee behält en ! | Wilfrid |
| Freideg | 13 | Freideswieder, Wieder fir eng ganz Woch | Géraud – 08 A. 54 |
| Samschdeg | 14 | Wat de Sonndeg wëllt hun, fänkt de Freideg schon un. | Juste |
| **SONNDEG** | **15** | Wie freides laacht, deem säi Sonndest kraacht | Thérèse vun Avila |
| Méindeg | 16 | Jonge git freien amplaz hannert dem Uewen ze leien | Hedwige |
| Daaschteg | 17 | An engem Schaltjor kënnen d'Meedercher freie goen ! | Baudouin |
| Mëttwoch | 18 | Freier a Männer as zwäerlee ! | LUKSDAG |
| Donneschteg | 19 | Beim Freien a beim Päerdshandel hääscht et d'Aen opdin. | René |
| Freideg | 20 | Bäi der Freierei as vill Geheierei ! | Adeline – 08 A. 00 |
| Samschdeg | 21 | Hënt fréiert et tësche Mann a Fra ! | Céline |
| **SONNDEG** | **22** | Fir d'Freiesch as dem Freier näischt ze schéin ! | Elodie |
| Méindeg | 23 | Al Frënn, ale Wâin an aalt Geld hun hire Wäert an der ganzer Welt | Jhang |
| Daaschteg | 24 | D'Nuecht as kenges Mënsche Frënd | Florentin |
| Mëttwoch | 25 | Jiddermanns Frënd, jiddermanns Geck ! | Crépin |
| Donneschteg | 26 | Friëssen a Saufe mécht räich Dokteren ! | Dimitri |
| Freideg | 27 | Wat mécht een nit fir de Fridden am Stot ! | Emeline – 07 A. 59 |
| Samschdeg | 28 | An der Friemd gët ee gewuer wéi gutt et doheem as ! | Simon |
| **SONNDEG** | **29** | FREIEREI : Hien : - Mat Frieden verméicht een näischt awer mat Froen ! | Narcisse |
| Méindeg | 30 | Hatt : - Mat Froe verméicht een näischt awer mat Frieden | Bienvenue |
| Daaschteg | 31 | Hien : - Ech hat eemol eng Freiesch dat war eng Ongeheiesch ! | Quentin |




HÄERZEG – HACHY : De Pensionnat vun de Schoulbridder (gestempelt an 1912) Pensionnat des Frères et cour intérieure

AREELER LAND A SPROOCH

**2000**

SPAASSEN A LAACHEN : FRÄIZÄIT.

Meeschter : - Mat Froe kënnt een duurch d'Welt,mäi Jong.
Ellespill : - Da froen ech een Dag fräi, an däss Kéier geet d'Kiirmes mer nit laanscht d'Nues !
Meeschter : - Ma firwat gët elo gelaut ?
Ellespill : - Ma well si um Säl zéien !

METEOSREKORDEN

- - 10,5°C den 30. November 1921.
- 34 cm Schnéi den 28. November 1973.
- 27 Deeg Reen an 1974.
- 20°C den 12 November 1995.

# NOVEMBER - NIWWELMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Mëttwoch | 1 | All Fro as enger Äntwert wäert !.................. | ALLERHELLEGENDAG |
| Donneschteg | 2 | Dee vill freet gët vill gewuer.................. | ALLERSEILENDAG |
| Freideg | 3 | Op eng domm Fro gehéiert eng domm Äntwert. .................. | Hubertus |
| Samschdeg | 4 | Mat Froe vermécht een näischt.................. | Charles Boromée – 07 A. 28 |
| **SONNDEG** | **5** | Déi sin nit all fromm déi laang Rousekränz droen. .................. | Sylvie |
| Méindeg | 6 | En as frou dermat wéi d'Gääss mam Messer.................. | Bertille |
| Daaschteg | 7 | D'lessen as waarm ! Verbrenn der d'Fudderduch nit.................. | Willibrord |
| Mëttwoch | 8 | Besser schlecht gefuer wéi houfreg gaang !.................. | Geoffroy |
| Donneschteg | 9 | Laange Fuedem, faule Schneider !.................. | Théodore |
| Freideg | 10 | En huet sech gestalt als héing d'Welt un engem Fuedem.................. | Léon |
| Samschdeg | 11 | Du gesäiss d'Männercher ! .................. | Armistice 1918 – Martesdag – 21 A. 16 |
| **SONNDEG** | **12** | Fuerder eiser Härgott nët !.................. | Christian |
| Méindeg | 13 | Et fiert een de Leit nit iwer de Mond !.................. | Brice |
| Daaschteg | 14 | Wien d'Fuesent nit geckeg as, deen as et d'ganzt Jor !.................. | Sidoine |
| Mëttwoch | 15 | Wat een d'Fuesent spënnt, dat friessen d'Mais. .................. | Albert – Léopold |
| Donneschteg | 16 | En as geplot wéi d'Pan an der Fuesent. .................. | Gréit |
| Freideg | 17 | Du bas nët méi vun haut a gëscht !.................. | Elisabeth vun Ungarn. |
| Samschdeg | 18 | Wie gutt schmiert dee gutt fiert !.................. | Aude – 15 A. 26 |
| **SONNDEG** | **19** | Hues du e Vullennascht ënnert der Kap dass du si nët ofdees ?.................. | Tanguy |
| Méindeg | 20 | Den huet vun der rosener Kou gefriess !.................. | Edmond |
| Daaschteg | 21 | Et ka keen nëmme vu Loft liewen !.................. | Présentation de Marie |
| Mëttwoch | 22 | E fiert ëm de Bräi an kënnt nit mat der Farf eraus.................. | Cécilia |
| Donneschteg | 23 | Et as fir aus der Haut ze fueren vu Roserei.................. | Clément |
| Freideg | 24 | Liddereg Vulle maache liddereg Äschter !.................. | Flora |
| Samschdeg | 25 | Léi nët a bleif an der Fur.................. | KATRINNENDAG - 23 A. 12 |
| **SONNDEG** | **26** | E sëtzt do wéi e Vull um Räis.................. | Christ-Roi –Conrad. |
| Méindeg | 27 | E versteet näischt vun Tuten a Blosen.................. | Astrid |
| Daaschteg | 28 | D' WIEL ! D' Mamm : En as nit vu schlechten Elteren awer e fält vun de Schanken! ... | Berthuin |
| Mëttwoch | 29 | De Papp : - Dann huel däin Noper, deen as vu Stol an Eisen ! .................. | N.D. vu Beauraing |
| Donneschteg | 30 | D'Meedchen : - Ech wëll awer ee wéi duergemoolt oder keen !.................. | André |




AREL –ARLON : D'Gouvernement an d'Monument vum Kinnek Albert 1er (editions G. Everling) Le Gouvernement et la statue du Roi Albert 1er

AREL LAND A SPROOCH **2000**

SPAASSEN A LAACHEN : OP BESUCH.

Giédel : - Hei, komm kléck dem Pätter da laacht d'Giédel !
Ellespill : - An dir laacht jo mam ganze Gesiicht a mat der Nues extra !
Ma wat huet de Pätter eng laang Stir !
Giédel : - Wann s de esou laang wirs wéi s de domm bas da géngs de bis op den Daach rääichen !

METEOSREKORDEN

- Guer nit gefruer an 1911 an an 1974.
- - 29°C den 10. Dezember 1879.
- 69 Deeg gefruer vum 1. Dezember 1962 un.

EPHEMERIDEN.

Deelweis Sonnefensternis den 25. Dezember um 17 A. 35 –04 Steebock14

# DÉZEMBER - KRESCHTMOUNT

| | | | |
|---|---|---|---|
| Freideg | 1 | E schwätzt vill wann den Dag laang as ! | Eloi |
| Samschdeg | 2 | Wann ee Geck laacht da laachen der honnert. | Viviane |
| **SONNDEG** | **3** | Du hues gutt laachen an en aneren huet d'Leed. | François-Xavier |
| Méindeg | 4 | Et laacht a kräischt mat engem A. | Barbara – 03 A. 56 |
| Daaschteg | 5 | Se hun sech e kromme Bockel gelaacht. | Gérald |
| Mëttwoch | 6 | Deen hat nit vill ze laachen a sengem Liéwen ! NEKLOSDAG | Nicolas |
| Donneschteg | 7 | Esou eppes Gutts kann engem d'Zänn laang maachen. | Ambroise |
| Freideg | 8 | Wie laang lieft gët al ! | IMMACULEE CONCEPTION |
| Samschdeg | 9 | Wie laang schléift, schléift sech waarm ! | Pierre Fourier |
| **SONNDEG** | **10** | Ech fäerten et gët Laangbiren ier déi Bréck fäerdeg as ! | Romaric |
| Méindeg | 11 | En as esou domm wéi e laang as ! | Daniel – 09 A. 04 |
| Daaschteg | 12 | Deen Ausdrock lääft mir laanscht de Mond ! | Corentin |
| Mëttwoch | 13 | Hues de d'Zäit laang, dann diébel se ! | LUZIASDAG |
| Donneschteg | 14 | Klengt Lach,keng Zäit ; grousst Lach, kee Steck ! | Odile |
| Freideg | 15 | Et steet een hei e Lach an de Buedem ! | Ninon |
| Samschdeg | 16 | Deen huet elauter Lächer an d'Loft geschoss ! | Alice |
| **SONNDEG** | **17** | Wann e nëmmen déit op eng Aarbecht lafe wéi op den Trach ! | Wivine |
| Méindeg | 18 | Wee lafe kann, dee laf ! | Gatien – 00 A. 42 |
| Daaschteg | 19 | Et as fir mam Kapp widder d'Stadhaus ze lafen ! | Urbain |
| Mëttwoch | 20 | Looss stoe wat steet a lafe wat leeft. | Abraham |
| Donneschteg | 21 | All Land säi Véi ; all Mënsch seng Méi ! | Thomas |
| Freideg | 22 | Eng éierlech Hand geet duurch d'Land. | Françoise |
| Samschdeg | 23 | E läit op der Lauer wéi d'Kaz op der Maus. | Amand |
| **SONNDEG** | **24** | Deen hält sech drun wéi de Koschter un d'Lauden ! | Adèle |
| Méindeg | 25 | Si deele Freed a Leed mateneen. | KRËSCHTDAG – 17 A. 23 |
| Daaschteg | 26 | Lauschter op keen a maach wéi s de wëlls. | Etienne |
| Mëttwoch | 27 | D'Maansleit sin all iwwer ee Läscht gezunn ! | Jean-Evangéliste |
| Donneschteg | 28 | En huet d'Sonn vum Himmel geläächent ! | Helleg Onschëlleg Kanner |
| Freideg | 29 | Wéi lächerlech ! Et mengt een du häs duurch d'Seibecke gekuckt. | David |
| Samschdeg | 30 | Mir si Famill matenee vun Uedem an Eiv hier. | Roger |
| **SONNDEG** | **31** | ÄIS WËNSCH FIR D'JOR 2001 ! Déi bescht Neijooschwënsch fir all Mënsch. Elauter Freed, e gudde Rutsch a Gléck mat der Kutsch! | Sylvesterowend |

# ZU AREL OP DER KNIPPCHEN
## Aalt Volleks – a Fueslidd vun Arel



*Vitrail du peintre-verrier bruxellois B.Bardenhewer réalisé en 1909 pour l'hôtel de ville d'Arlon et portant en banderole les 2 premiers vers de cette chanson arlonaise*

1. Zu Arel op der Knippchen,
Do sin déi Weiber frou ;
Si drénke gär eng Schlippchen,
eng rifft der aner zou :

Mumm Aneleis, Mumm Aneleis,
Wat maachen dann är Gäns ?
Si sudelen, si pudelen
A wäschen sech hir Schwänz.

2. Wann d'Fraen ze vill gedronk hun,
Da geet alles ze Wee,
Da gi si gäre mam Krunn
Sech wänzelen op d'Hee

Mumm Aneleis, Mumm Aneleis,
Wie kacht dann hinnen d'Zopp ?
Si hun eng Mod, déi féiert de Stot
A waart en och schéin op.

3. Hei d'Männer wëlle bleiwen
Laang sëtze bei dem Glas
An och fir ze verdreiwen
Hir Zäit mat lauter Spaass.

Mumm Aneleis, Mumm Aneleis,
Wat maachen dann déi Hënn ?
Da spille se, da bille se,
A reiwen sech de Kënn.

4. De Paschtouer an de Koschter
Déi hun och gär d'Zong naass;
An eent Steck Ham mat Moschter
Dat feelt nit bei dem Glas.

Mumm Aneleis, Mumm Aneleis,
Kënnt d'Kächen nit duerun ?
Si kritt jo mat, e gudde Patt,
Wa si eppes wëllt dervun.

5. Soubal dem Haart seng Tut kléngt,
Da jäitzen d'Schwäi vu Freed;
Dann huet de Bock der Geess gewénkt,
Lo gi mir gläich op d'Weed.

Mumm Aneleis, Mumm Aneleis,
Drénkt den Haart och gären d'Drëpp ?
Schenkt him der zwou an eng derzou,
Da leckt e séch nach d'Lëpp.

6. Ier ech ophale mäi Gesank
Da lauschtert nach dat hei.
Ech froen Iech kee groussen Dank
Fir déi kleng Dommerei.

Mumm Aneleis, Mumm Aneleis,
Dir hutt Iech gutt verdrot
Dir gitt och mat, mat enger Hatt
Sichen ee Fuesentsbrot.

*Ancienne mélodie européenne connue comme chant de carnaval d'Arlon, chantée dans une opérette luxembourgeoise de Dicks et jouée dans la célèbre Marche des Chasseurs Ardennais*